RTL carte blanche économique du 24.01.2007

« Les Assurances» (ACA)

Dem Staatsminister seng « gréisste Suerg » am Halbzeitbilan vun der Legislaturperiod, bei de Kollegen vun der Telé, sinn eis Renten – an Pensionssystemer.

Hien mecht sech Suergen doriwer well (*Zitat*) « déi mannsten Leit sech Suergen man a well et awer gudd wir wann mir eis alleguer géifen Suergen man ».

Ech kann dozou nëmmen soen datt wéinstens eng Catégorie socio-professionnnelle sech och déi Suergen mëcht, well et hiere Métier ass sech doriwer Suergen ze man : ech mengen natierlech d'lëtzebuerger Assureuren, déi bereet sin an dësem Dossier, wéi och an aneren Dossieren déi eng réel sozial Component begreifen, hire rôle ze spillen an hiren Deel vun der Verantwortung ze iwerhuelen.

Et geet den Assureuren dann och net drëm, ideologesch verblennt virzegoen an den sougenannten 1. Pilier, also déi para-staatlech Renten – an Pensionssystemer per force duerch en aneren Régime ze ersetzen.

Mir sin eis bewosst datt, gemäss der Alterspyramid, déi aktuell Struktur muss iwerduet gin, wann se am Joer 2030 nët soll e Kollaps man, hun och – am Sënn vun enger Realpolitik – déi néideg Confienz an den Minister vun der Sécurité Sociale,

wann hien sét hien géif géigensteieren fir nët an déi berühmten Rentemauer ze rennen.

Mir plaidéieren doriwer eraus am Interessi vu jidderengem fir déi verschidden Zousatzrenteversecherungen déi, mat engem steierlechen Incentive allen lëtzebuerger Résidents et sollen erlaben, iwert den staatlechen System eraus, hir Pension opzebesseren.

Do get et jo den 3. Pilier, déi Privatzousatzpension déi alle Steierpflichtegen, a leider nëmmen deenen, et erlabt, mat engem Freibetrag, gestaffelt nom Alter, sech e confortablen Plus bei senger Rente ze léschten.

Den 2. Pilier, d'Gruppeversecherung, déi den Employeur fir sein Personal kann ofschléissen, fënnt och ëmmer méi Unhänger.

Et därf én just bedaueren datt dësen substantiellen Avantage nach ëmmer limitéiert bleiwt op déi Katégorien vu Leit déi an engem Ugestalltenverhältnis stinn, d.h. all Freiberufler, an do gëtt et der déi duerchaus en Zousatz zu hirer Rent kéinten gebrauchten, sin vun dësem Produit ausgeschloss.

Ech hat emol eng Kéier de lëtzebuerger Rentesystem mat engem Capuccino verglach :

D'Base dovun ass nach emmer de Kaffi ; déi obligatoresch staatlech Renteversëcherung, an déi mer all musse cotiséieren an vun der mer all profitéieren, hoffentlech occh nach an der Zukunft.

Dann kënnt, démno wéi stark de Kaffi ass, méi oder manner Mëllech dran, dat ass d'Gruppeversecherung déi de Patron kann ofschléissen ; entweder sous forme vu Schlagsahne oder vun « schiuma di latte » do gëtt et eng ganz Rëtsch vu Produiten ganz gemäss der Preferenz an dem Goût vun der Entreprise a vum Employé.

Als « Krönung der schönsten Stunde » dann nach de Schokola oder de Kakao uewendrop, déi Privatzousatzpensioun fir jidderen.

Et ass just Schued datt déi liberal Berufler, de Commerçant, den Indépendant hei zu Lëtzebuerg, a contrairement zu eise Nopeschlänner, op d'Rahm an d'Mëllech muss verzichten !